



## Merci Staatsrot a Chamber!

Viru 25 Joer war am Märeler Park Rendez-vous mat mengem Schoulfrënd an Deputéierte Willy Bourg. An eise Gespréicher gong natierlech och rieds vun eiser Sprooch, déi jo dunn ewell eng gutt Dose Joer – mam Här Pierre Werner als „Sponsor“ – am Sproochgesetz eng héichoffiziell Roll kritt hat.

Dat war dann och de Fong, fir datt de Kolleg Willy, getréischt, an der Chamber mat enger ‚Motioun‘ verlaangt huet, datt d’Lëtzebuergesch seng ‚Identitéitsroll‘ ‚nieft eisen ‚Emblèmes nationaux‘, seng Plaz an eiser Verfassung zegutt hätt, sou wéi dat fir hir national Identitéitszeechen an de Länner hei rondrëm de Fall ass.

De Staatsminister Jacques Santer war mam Prinzip averstan, an de Kulturminister Robert Krieps – als Patriot a fréiere KZ-Prisonnéier – hat mir an eiser Actioun-Lëtzebuergesch voll a ganz recht ginn... an domat war „d’Gestécks“ fir d’Sprooch an eiser Constitioun zolitt ‚geklappt‘.

Well eng Ännerung an der Verfassung ower entweder e Referendum oder eng 2/3 Majoritéit an der Chamber brauch, huet dat Ganzt natierlech ‚gebonn‘. Nodeem eis Sprooch elo well eng Zäitche fest fir an d’Verfassung gestëmmt war, ass et dann elo mam definitive Vote fir déi ganz Verfassungsännerungen am Grondgesetz vum Grand-Duché!

Déi ganz Initiativ hat an huet absolut näischt mat ‚géint‘ eng vun eisen ‚normalen‘ anere Gebrauchssproochen ze din, déi iwregens kloer am neie Constitiounsartikel ernimmt sinn! Domat ännert sech guer a glat näischt un eiser Sproochsituatioun, sou wéi d’Gesetz vun 1984 se virgesäit, an déi eng immens Chance fir Lëtzebuerg a seng Leit an der ganzer Welt ass!

Net ze vergiessen: Mir hunn domat eng Schold vis-à-vis vun deer iwerméisseg grousser Majoritéit vu Lëtzebuerg bezuel, déi den Nazien den 10. Oktober 1941 ënnert schwéierer Gefor beim hannerlëschtege ‚Referendum‘ de Kapp dohinner gehal hunn... wat an der englescher an amerikanescher Press e grouse Sympathie-Echo kritt hat... fir eis Resistenz aplaz Resilienz! Och den Ufank vun deer internatonaler Roll, déi duerno op äis duer sollt kommen.

vum Lex Roth



## De Mil Goerens...

...wëllt keen Dichter an och kee klassesche Schrëftsteller sinn; him läit eis Sprooch, **esou wéi si lieft a wibbelt** ganz einfach um Häerz... hie schreift sech dat op seng Fassung vum Gemitt erof, esou wéi den Titel vu sengem Buch ‚Vun der Long op d’Zong‘ et goldrichteg seet. Als Dikrecher ‚Primaner‘ ass d’Schreif fir de Mil eng ganz normal Beschäftegung, mat deer hien seng Pensioun ‚miwweléiert‘. Esou e Bomme-Wierk wéi seng lescht 2 Bänn iwwer a fir eis Sprooch bleibt elo ganz sécher **e Fëllement, dat generatiounewäit iwwer eis Zäit erausgeet**. Et läit an alle gudden Bicherbutteker. E Cadeau vu grousser Wert... dee bleift!

D’Actioun-Lëtzebuergesch huet dem Här Goerens dat lescht Joer **d’Sëlwerplack ‚Dicks-Rodange-Lentz‘** iwwereecht, woumat si net nëmmen hien a seng genësseg Aarbecht, mä och garantéiert sech an hir Membre géiert huet!

## Eis Virnimm

Eis Actioun hat **viru 25 Joer e Bichelche mat de Virnimm** erausginn, déi hei geleefeg waren/sinn. Eisen deemolege Sekretär Marcel Lamy an de Spezialist Georges Kiessel (Sekretär vun der Heraldik- a Genealogie-Gesellschaft) haten sech déi Aarbecht schéi fläisseg, vrun allem kompetent, op de Leescht geholl. D’Buch gëtt nach ëmmer gefrot... ower wéi soen d’Leit: „Zéi mer eng Händsch aus...“; mir hate keent méi.

**Elo kënn dir et erëm kréien**; et ass esouguer nach méi ‚déck‘ ginn. Dir kritt et an de Librairie fir 8 € oder op eiser Adress (8€+Porto).

Et ass äis jo net ëmmer bewosst, datt et an anere Länner z.B. keen Heng, kee Mett a kee Fränz gëtt, och kee Kett, kee Märi a kee Virsch; sou ass dat mat Honnerte vu Virnimm, mat deenen de Gebuertsschäinsnumm an eise klengen Idiom eragedréckt gëtt, ganz klor **e Stéck vun eiser typescher Eegenart/Identitéit**. Dir wonnert iech, wann dir duerch dëst neit Bichelche liest.



## De Comité vun eiser ACTIOUN-LËTZEBUGESCH

*Wënscht alle Membren a Frënn*

*Zefriddenheet an eng zolitt Gesondheet*

*fir dat Neit Joer a wier frou, wann dir*

*HAUT Samschdeg, de 7. Januar um 15.00 Auer 😊*

*op en Neijooschpatt zu Izeg an eisem Veräinssätz géngt bei äis kommen.*

## ‚en français svpl.‘/deutsch, bitte...

Ech hu mir eng Fatzeg ginn.  
De Jang ass en Trëllert.  
Dat do ass kee Paff wert.  
Du brauchst dech elo net ze bretzen.  
Ech hunn eng Sprentz an der Strass.  
Huel keng sou flappeg Mäifel.  
Et bäisst mech wéi geckeg.  
Kuck, dass de eweckkënn.

Maach dech net esou domm.  
Hou dech net zevill.  
Knätsch net beim lessen.  
Schlupp d’Zopp net.  
De Pol ass e Bossegen.  
D’Jeanne ass nawell e Flott.  
Hien huet sech ferm druginn.  
Dat ass e knadderege Grangler.

## Iwwerflësseg

Et huet kee verstännege Mënsch eppes géint d’Weltsprooch ENGLËSCH. Eng ganz Partie Gebitter, wéi Wëssenschaft a Bankrelatiounen kommen uechter d’Welt net méi laanscht dem G.B. Shaw seng Sprooch; si ass ower, wéi de Shaw emol selwer sot, déi eefällegst vun der Welt... gelungen ower, datt si sech esou séier léiert... wat **eng interessant Fro vum sougenannte ‚visuelle Verhalt‘** ass.

Wou déi englesch Orthographie ower **total iwwerflësseg ass: bei de Reklammen, déi fir egal wat an der Press oder esouguer iwwer Geschäfte stin**. Déi sinn dach allgemeng fir jiddereen, demno och fir déi sëlliche Leit, fir déi d’Englescht e Buch mat décke Sigelen ass, déi ower Clientë solle ginn. Net apaart schlaue. 😊